SUPER OUEREN?

Well Vulle keng Ouermuschelen hunn, gesäit een hir Oueren net vu baussen. Trotzdeem spillt d'Gehéier bei hinnen eng wichteg Roll. Verschidde Vullenaarten, déi an der Nuecht aktiv sinn, verloosse sech bei der Sich no lessen éischter op hir Oueren ewéi op hir Aen. Bei Eilen, déi fléien, ouni Kaméidi ze maachen, läit déi riets Ëffnung vum Ouer méi héich ewéi déi lénk. D'Téin kommen also net zur selwechter Zäit a béiden Oueren un. Dat erlaabt hinnen, eng Maus ze héieren, déi 50 Meter wäit ewech ass, an och d'Positioun vun der Maus genee ze bestëmmen.

Sangvullen héieren och ganz gutt, well bei dëse Vullenaarten de Gesang eng wichteg Roll bei der Partnersich spillt.

Verschidde Vullenaarten, wéi zum Beispill de Guacharo (Steatornis caripensis aus der Famill vun de Steatornithidae) kënne sech esouguer iwwer Echolokalisatioun orientéieren. Dës Vullenaart baut hiert Nascht an Hielen. Anescht ewéi bei de Fliedermais héiert de Mënsch dem Fettschwalm seng Klick-Téin. Fettschwalme bréien a Kolonien an dofir ass de Geräischpeegel an hiren Hielen extreem héich.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.